LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro (dréngend) n° 2061 vum 11. Mäerz 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D'Satellittekonstellatioun O3b mPower vun SES, op där d'Lëtzebuerger Defense plangt iwwert d'NATO Support and Procurement Agency (NSPA) am Kader vum Medium Earth Orbit (MEO) Global Services (MGS) Kontrakt tëschent der NSPA an SES Kommunikatiounskapazitéiten anzekafen, ass schonn operationell mee nach net fir eis Defense am Asaz. Als Co-Leader vun der *IT Coalition* ass Lëtzebuerg am gaange mat Estland an der Ukraine z'analyséieren, wéi an dësem Kader Satellittekommunikatiounskapazitéite genotzt kënne gi fir d'Ukrain z'ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes